

Rapport vun der Kommissioun Relations publiques

Presenzen

Present	Net present
Pinto Toni / Assa Luc / Jans Nancy / Baus Ben / Bisenius Jean-Claude / Kohl Joshua / Lucas Patrick / Bozic Anton	Braun Daniel / Weis-Collé Suzanne / Kaur Narveen

Punkt 1: Suivi vun de Virschléi déi un d'Gemeng gaange sinn

Verschiede Saache sinn un d'Gemeng weidergeleet gi, fir Feedback ze kréien, notamment betreffend Verbesserungsvirschléi fir den Internetsite. Déi Virschléi solle mir an Zukunft un déi zoustänneg Leit weiderleeden.

Bezüglech der App soll et komplizéiert sinn, Ännerunge virzehuelen.

Bei der Internetsäit kennt de Virschlag vum Schäfferot, d'Struktur vu Grond op nei opzebauen. Vue dass ëmmer kleng Ännerunge virgeholl goufen ass de Site zwar à jour, ma et wierkt ze iwwerfëllt an net eenheetlech, sou d'Argument.

E weidere Virschlag wier d'Opstelle vu Panneauen an all Duerf, wou déi eenzel Veräiner ma och d'Gemeng hier Neigkeeten a geprinter Form kennen hannerleeën.

Des Weidere soll zu Manifestatiounen e konkrete Plang opgestallt ginn, wéini, wou a wat verëffentlecht gëtt, fir an Zäite wou vill lass ass an der Gemeng, et dem Bierger ze erméiglechen, e strukturéierten Iwwerbléck ze halen.

D'Propose vum järelechen Treffé wat et mat all de Clibb gouf, gëtt ernimmt. Et war jo d'Zil vun deem Treffé fir dat jeeweils kommend Joer zesummen ze koordinéieren, fir dass net 2 Fester openee falen. De Manifestatiounskalenner als solch wéi et scho säit laangem gëtt, soll laut Gemeng op alle Fall bäibehal ginn. Dëse gëtt zesummegehallt, nodeems déi eenzel Veräiner hier Evenementer rageschéckt hunn.

De Schäfferot bemierkt, dass et bei der Gréisst vun der Gemeng méttlerweil net mei ze evitéieren ass, dass mol 2 Manifestatiounen op de selwechten Datum falen. Op alle Fall soll vun der Gemeng aus spezifesch opgepasst ginn, keng Evenementer op Deeg ze setze wou schon aner Saachen organiséiert ginn. Konkret gëtt ernimmt, dass d'Beispill vum Theater e Fall ass, deen et an Zukunft beschtefalls ze evitéiere gëllt. Zum Kalenner gëtt erkläert, dass dee bis elo just

no konkreter Ufro vu Veräiner aktualiséiert gëtt. D'Propose gëtt gemaach, dass d'Gemeng eventuell scho proaktiv Evenementer aschreift, vun deenen se weess wéini se stattfannen (laut Manifestatiounskalenner).

Zu den eenzelne Punkten:

- Nei Rubrik: Citoyen/Fräizäit fir Leit déi nei an der Gemeng ukommen oder soss op der Sich no Fräizäitaktiviteiten an der Gemeng sinn
 - Iddi fir eng Broschür mat Informatiounen zu all de Veräiner, déi fir de Welcome-Patt am Hierscht prett ass. D'Iddi kennt op, déi Informatiounen dann och op de Site ze iwwerdroen, mat Links déi direkt op d'Siten vun den eenzelne Veräiner feieren.
- Aschreiwung fir Newsletter an d'Search Funktioun wieren net gönschteg positionéiert
 - Prinzipiell ginn d'Kritikpunkten unerkannt. Et gëtt nees eng Kéier ugemierkt, dass eng Neigestaltung vum Site eng Iwwerleeung wäert wier. Als Beispill gëtt den Internetsite vun der Gemeng Kielen genannt, un dem een sech orientéiere kéint.
- Reservatioun vu Raimlechkeeten
 - D'Propose gëtt gemaach fir dat mat enger Material Reservatioun ze kombinéieren. Bis elo wier do nach näischt Eenheetlech, dowéinst soll laut Gemeng do en neit Konzept ausgeschafft ginn, wat de Sall selwer, wien och d'Reservatioun vun de Säll betrëfft. Allgemeng muss de Kader och mei genau definéiert ginn, vu Schlëssel Iwwergab bis Konsequenze bei Beschiedegungen. E besonnesche Fokus gëtt op den Etat des lieux geluecht, dee rezent fir eng Rëtsch Problemer gesuert huet, wien zB Onkloerheet wie responsabel fir eventuell Schied un de Säll oder dem Material ass. Hei muss beduecht ginn, dass eng Rëtsch Acteure mussen mat an d'Boot geholl gi, déi fir déi eenzel Aspekter vun dem Prozess zoustänneg sinn. Virun allem sprécht sech d'Kommissioun dofir aus, dass et dem Bierger an de Veräiner esou gutt wie méiglech visibel gemaach gëtt, wat a wéi si déi ënnerschiddlech Saache kenne lounen. Eng weider Propose ass, den Echange vum Material tëscht de Veräiner ze fërderen. Wichtig ass och, e genauen Inventaire vum Material ze maachen.

- D'Propose fir de Site méisproocheg ze gestalten
 - Bis elo nach keng konkret Consideratioun. Proposéiert gëtt Däitsch, Franséisch an Englesch. Prinzipiell ass d'Kommissioun der Meenung, dass dat eng gutt Iddi wier, vue dass scho Posts op de sozialen Netzwierker méisproocheg (zum Deel) verbreet ginn. Virun allem en vue vun der kommunaler Integratioun empfënnt d'Kommissioun dat als gutt Iddi.

- Eng Rubrik fir d'Gemeng ze weisen. Esouwuel Biller Sourcen, ma och déi kulturell an historesch Hannergrënn wieren eventuell sënnvoll mei ze weisen.
 - Besonnesch fir Leit déi un der Gemeng interesséiert sinn, kéint dat en interessanten Outil bidden. De Leader-Projet gëtt an deem Kader ernimmt. Diskutéiert gëtt eng eventuell Kooperatioun mat anere Kommissiounen (Kultur, Vivre-ensemble,...). An dem Kader gëtt ugemierkt, dass et sech hei a groussen Deeler em den Aufgabe Beräich vum Vivre-ensemble handelt. An engem gewësse Sënn ass et „Marketing“ en Faveur vun der Gemeng, fir sech selwer de Leit ze presentéieren. Proposéiert gëtt och eng Serie am Gemengebuet ze lancéieren, wou bei all Verëffentlechung eng nei Plaz virgestallt gëtt.

- Feeler vun de Clibb an der Kommunikatioun.
 - A wéi fern soll d'Gemeng dora verbessere goen, inhaltlech (bsp. Datum, Adress,...) a grammatikalesch (bsp. Eifeler Reegel). Prinzipiell stellt sech d'Fro a wéi fern d'Gemeng hei eng verbessernd Roll anhuele kann oder soll.

- De Schluss vum Buet wierkt der Kommissioun no iwwerlueden a vun Editioun op Editioun deelweis widderruelend. Dëst konnt sur place net weider bestätegt ginn.

Punkt 2: Informatiounen iwwert d'Reunioun mat den anere Kommissiounen an Austausch

Et gouf en Treffen de 29. Abrëll 2024 tëscht enger Rëtsch Representantë vun de Kommissiounen (Kultur, Vivre-ensemble, Relations publiques). Festgestallt gëtt och, dass weider Kommissiounen interesséiert kéinte sinn, d'Invitatioun fir e Groupe de Travail sollt/kéint dofir ausgeweit ginn. Prinzipiell ass et bei der éischer Versammlung dorëm gaangen, sech ze informéieren a méiglech Modalitéite vun esou enger Initiativ ze diskutéieren. Et geet eng liicht Frustratioun aus der Entrevue eraus, vun dohier gëtt proposéiert de Bierger mei direkt mat anzebezéien. D'Kommissioun ass der Meenung, dass dat Biergernoot Virdeeler kéint hunn. Konkret géing et drëm goen, Froen auszeschaffen an déi als Méiglechkeet fir d'Bierger ubidden, fir als Gemeng ze wëssen a wéi eng Richtung een sech soll/kann orientéieren. Virun allem brauch ee Konkretes, fir dem Schäfferot virzestellen, fir do dann och e kloren Avis zeréckzekeréien. Prinzipiell wier dat ze kombinéieren mat finale Projeten, déi vum Staat kofinanzéiert ginn. Natierlech muss dat an engem definéierte Kader bleiwen. Et gëtt ugemierkt, dass d'Aschulte vun enger Firma eng Iwwerleeung wäert wier, well d'Opsetze vun enger Matière wéi esou enger Ëmfro dach relativ komplex ass. Dat heescht net, dass d'Kommissiounen domat guer net mei abezunn ass, ma eventuell an enger mei berodender Roll schafft. Virun allem finanziell Froe wäerten eng wichteg Roll spillen, ob a wéi esou e Groupe de Travail a spéiderer Instanz ka schaffen. Hei ginn déi accordéiert Budgete vun den eenzelne Kommissiounen a Betruecht gezunn (10.000 Euro pro Kommissioun), wat schonn e signifikante Betrag kéint ausmaachen, virun allem bei engem méiglechen Zesummeschluss vun e puer Kommissiounen. D'Propose gëtt op alle Fall mat an de Schäfferot geholl, deen dann an éischer Instanz dat kuckt. D'Kommissioun waart an deem Sënn e Retour vum Schäfferot. Viru geraumer Zäit ass schonn eng Kéier analyséiert gi, wéi eng Zil-Populatiounen een an der Gemeng huet, a wei een déi am beschte kann uschwätzen. Dat ganzt ass am Kader vum Duerfkär Bëschdref entstanden, a kéint vir en eventuelle Projet vun esou engem Groupe de Travail hëllefbräich Informatiounen bidden.

Punkt 3: Kommunikatioun mat der Gemeng

Et gëtt erkläert, dass et net méiglech ass dass bei all Kommissiounsversammlung ëmmer e Schaffen dobäi ass. Trotzdeem valoriséiert e gudden Echange tëscht Schaffen – a Gemengerot an de Kommissiounen de Kommissiounen hir Aarbecht. En oppent Geheier, fir dass ee sech a seng Aarbecht och wäertschätzt fillt. Hei ass d'Propose, dass en ROI eventuell och mei Klarifikatiounen zu den Devoirs vu Schäfferot sollt ginn. Et gëtt trotz allem dorop higewisen, dass den „historesche Kontext“ vum ROI an deem Sënn seng Berechtigung huet, fir och d'Kommissiounen an hier Aufgaben a Modalitéite kloer ze reegelen, wat virum ROI net forcement de Fall war. Fir eis stellt sech d'Fro no Transparenz, dat heescht wie geet de Schäfferot mat deene vun de Kommissiounen zur Verfügung gestallten Informatiounen, Froen an

Änlech em? Och den Aufgabe Beräich vun der Kommissioun wier net ëmmer ideal definéiert. Laut Gemeng soll dat déi formell Kontroll vun de Kommunikatiounsmoyene vun der Gemeng, wéi de Buet, den Internetsite, d'App, déi sozial Medien, asw sinn. Hei handelt et sech net em eng detailléiert Inhaltsanalyse, ma e mei generellen Input.

Punkt 4: Nei Entwécklungen

D'Gemeng well Kommunikatiounen zu den eenzelne Manifestatioune méi eenheetlech annoncieren (wéini, wat an iwwert wéi ee Kommunikatiounsmedium). D'Gefor muss allerdéngs a Betruecht gezu ginn, dass ze vill Notifikatiounen och e kontraproduktiven Effekt kéinten hunn. Dowéinst misst eventuell selektiv gekuckt ginn, wéi een dat mécht.

Punkt 5: Verschiddenes

En vue vun zukünftigen Démarchen fir de Groupe de Travail, dee sech aus ënnerschiddleche Memberen vun de Kommissiounen zesummesetzt, gouf decidéiert, dass op weidere Feedback vun der Gemeng gewaart gett.

Punkt 6: Festleeë vun der nächster Versammlung an Inhalt

Den Datum vun der nächster Kommissiounsversammlung gëtt zu engem spéideren Zäitpunkt am Whatsapp-Grupp gekläert, nodeems e Feedback vum Schäfferot kennt.